Luxembourg, le 1er septembre 2023

**Circulaire n° 2023-115**

# Circulaire

aux administrations communales

<u>Objet</u> : Invitatioun op d'Informatiounsversammlung vum Ministère fir Famill an Integratioun fir d'Gemengen: Offer, Servicer an Instrumenter

Léif Gemengevertrieder·innen,
Léif Gemengenagent·innen,

Dir wënscht Iech eng konkret **Verbesserung vun de Liewensconditioune** fir déi Mënschen, déi an Ärer Gemeng liewen a schaffen? Ären Territoire soll **méi attraktiv** ginn, souwuel **fir Är Bierger, wéi och fir Geschäftsleit, Veräiner a Betriber**? Dobäi wëllt Dir op **zäitgeméiss, innovativ an inklusiv Konzepter** setzen?

De Ministère fir Famill an Integratioun bitt eng **breet Offer u Berodungen, Servicer an Instrumenter** un, fir Är Iddien um Terrain ze verwierklechen: sief dat fir

- d'Bestëmmunge vum neien **Accessibilitéitsgesetz**, dat den 1. Juli 2023 a Kraaft getrueden ass, ëmzesetzen, also den ëffentleche Raum fir Persoune mat Aschränkungen zougänglech ze maachen, an domadder och **fir jiddereen méi kammoud** ze gestalten;
- dat zukënftegt **Gesetz vum interkulturellen Zesummeliewen, dat den 1. Januar 2024 a Kraaft trëtt,** ze antizipéieren, d'Bezéiungen zu an tëscht de Leit, déi op Ärem Territoire wunnen a schaffen, ze verbesseren, sécherzestellen, datt si all gutt informéiert sinn a sou och Deel kënnen huelen um Liewen an der Gemeng, an an engems **Gemeinschaftsgefill a Solidaritéit** ze fërderen;
- **d'Offer vun der Sozialhëllef** (REVIS, Allocation vie chère, Prime énergie, Travaux d'utilité collective,...) méi siichtbar an zougänglech ze maachen, an esou Äre Bierger **Ënnerstëtzung** um Wee aus prekäre Liewenssituatiounen unzebidden;
- Äre Senioren **sënnvoll an usprochsvoll Aktivitéiten** ze proposéieren, fir eng **aktiv Bedeelegung um gesellschaftleche Liewen** oprecht ze erhalen an der Isolatioun virzebeugen.

Dir stitt an der éischter Rei wann et em den Déngscht um Bierger geet, an de Ministère wëll Iech gäre mat Rot an Dot zur Säit stoen.

Dofir lueden ech Iech häerzlech an, fir **d'Servicer an d'Offer vum Familljen- an Integratiounsministère, dem Fonds national de Solidarité (FNS) an dem Office national d'Inclusion sociale (ONIS)** beienee kennenzeléieren, mat Presentatiounen, Informatiounsstänn a gelongene Beispiller aus der Praxis.

Loosst Iech op der Plaz vun eisen Experte beroden:

- Méinden, de 25. September 2023
- Vun 10:00-13:00 Auer
- am Festsall „An der Eech" zu Leideleng

Moies gëtt et Kaffi an zum Ofschloss offréiert d'Gemeng Leideleng en Éierewäin.

Et wier mer eng Freed, Iech deen Dag perséinlech ze begréissen a mech mat Iech auszetauschen!

Mellt Iech w.e.g. mat Numm, Funktioun a Gemeng **bis e Méinden, den 18. September** um communication@fm.etat.lu un.

De Minister fir Famill an Integratioun

Max Hahn

# Informatiounsversammlung vum Ministère fir Famill, Integratioun an d'Groussregioun fir d'Gemengen: Offer, Servicer an Instrumenter

25. September 2023
Festsall "An der Eech"
4-6, rue Eich
Leideleng

| | |
|---|---|
| 09h45 – 10h00 | Empfang vun de Participanten |
| 10h00 – 10h05 | Begréissung duerch de Buergemeeschter Lou Linster |
| 10h05 – 10h10 | Ried vum Präsident vum Syvicol Emile Eicher |
| 10h10 – 10h15 | Ried vun der Inneministesch Taina Bofferding |
| 10h15 – 10h20 | Ried vum Minister fir Famill an Integratioun Max Hahn |
| 10h20 – 10h30 | Presentatioun vum Programm duerch de Minister Max Hahn |
| 10h30 - 10h45 | Departement Integratioun: D'Gesetz vum interkulturellen Zesummeliewen – wat heescht dat fir meng Gemeng? |
| 10h45 – 11h00 | Divisioun Personnes âgées: Aktivitéite fir Är Senioren am Kader vum Club Aktiv + |
| 11h00 – 11h15 | Divisioun Solidaritéit a Fonds national de Solidarité : Sozialleeschtunge fir Är Bierger: REVIS, Allocation de vie chère, Prime énergie… |
| 11h15 – 11h30 | Office national d'Inclusion sociale: D'*travaux d'utilité collective* (TUC) am Kader vum REVIS |
| 11h30 - 11h45 | Divisioun Handicap : D'Gemengen als Bauhär: Bestëmmungen an Instrumenter vum Accessibilitéitsgesetz |
| 11h45 – 13h00 | Éierewäin vun der Gemeng Leideleng an Eréffnung vun de Stänn |